ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Déi aktuell gesetzlech Bestëmmunge schéngen net méi virzeginn, datt Proprietären, déi vun enger Ännerung vun engem PAG betraff sinn, doriwwer am viraus schréftlech vun hirer Gemeng mussen informéiert ginn. Dëst huet zur Konsequenz, datt eng Rei vu Proprietären, aus deene verschiddenste Grënn, net iwwer esou Intentiounen informéiert sinn an dowéinst och net an de virgeschriwwenen Delaie reklaméieren. Besonnesch eeler Leit oder Persounen, déi am Ausland wunnen, kënnen dovu betraff sinn.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Firwat gouf déi Reegelung ofgeschaaft, déi eng a-priori-Informatioun vu betraffene Proprietäre bei der Ännerung vun engem PAG duerch en ageschriwwene Bréif virgesinn huet?
2. Ass d'Regierung där Meenung, datt déi aktuell legal Dispositiounen nees sollten esou ëmgeännert ginn, datt all Proprietären iwwert Akten, déi hie concernéieren, beschtméiglechst informéiert ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten